
Par Parc Our
Saint-Nicolas

# Päischten – Pentecôte



Foto: Peter Kane

**Parbréif Nr 4/2025**
**7. Juni – 13. Juli 2025**



Leo P.P. XIV

## *Neie Poopst Leo XIV.*

Mir freeën äis, datt de Kardinol Robert Francis Prevost am Konklave zum Poopst gewielt ginn ass an de Numm Leo XIV. gewielt huet.

Et ass gutt a schéin, datt hien sech virun allem fir de Frieden an déi Aarm wëllt asetzen an d'Reformen vum Poopst Franzikus viruféieren.

Mir wënschen him e seegensräicht Wierken als Nofolger vum Péitrus a Kapp vun der Kathoulescher Kierch an denken un hien an eisem Gebiet.

## *Ernennung zum Éierendoumhär vun der Kathedral*

Den Éierendechen Jeannot GILLEN gouf vum Kardinol Jean-Claude HOLLERICH zum Éierendoumhär vun der Kathedral ernannt

De 17. Mee 2025, um Héichfest vun der Tréischterin am Leed, der Patréinesch vu Stad a Land, huet eisen Äerzbëschof, de Kardinol Jean-Claude HOLLERICH, den Éierendechen a Paschtouer vun der Parc Our Saint-Nicolas Jeannot GILLEN wéinst senge Verdéngschter zum *Chanoine Honoraire* vun der Kathedral ernannt.

Mir soen him dofir Merci a gratuléieren eisem Här Dechen a Moderateur vun eiser Par.

## *Dieu ne nous abandonne jamais*

Bonjour à tous, je m'appelle Diego de Lima. Je suis né le 22 août 1988, dans une petite ville du sud du Brésil, au cœur d'une famille catholique. Mon enfance a été bercée par la foi, mais mon cœur, lui, battait surtout au rythme de la musique et de la danse.

Très jeune, je me suis tourné vers la danse classique et le jazz dance. À 15 ans, j'intégrais une compagnie professionnelle. Mais c'est précisément à cette période, au milieu des scènes et des projecteurs, que j'ai été rejoint par une lumière plus profonde : une rencontre intime avec Dieu, qui a bouleversé le cours de ma vie.

À 17 ans, je répondais à cet appel en entrant dans une communauté de vie religieuse, où j'ai vécu pendant 11 ans, dont plusieurs années dans le sud de la France. Ce fut un temps de silence, de service, et de profond enracinement.

Un jour pourtant, une autre brise s'est levée. Le Seigneur, dans sa douce discrétion, m'invitait à aller plus loin. Quelques années plus tard, je prenais un avion, á la destination Luxembourg. Dès mes premiers pas ici, j'ai su : mon cœur était en paix. C'est comme si je sentais que c'était l'endroit que Dieu avait préparé pour moi. J'y ai rencontré des visages lumineux, des frères et sœurs qui sont pour moi des témoins de l'amour de Dieu.


Actuellement, je vis à Fouhren et je travaille dans la paroisse Parc Our Saint Nicolas. Le 17 mai dernier, dans la cathédrale de Luxembourg, j'ai été ordonné prêtre. Une journée gravée dans mon âme, entouré de tant de visages amis. J'y ai vu se dessiner une grande famille, tissée par la prière, l'amitié et la foi. Et encore dans cette attitude de joie et action de grâce, Je vous invite de tout cœur à ma première messe dans la paroisse :

le samedi 14 juin 2025 à 18h00
à l'église des Trinitaires à Vianden,

et le dimanche 15 juin 2025
à 10h30 à l'église de Hosingen.

Votre présence sera pour moi un grand cadeau.

Soyez les bienvenus.



*Fotoen: Betty B*

Que Dieu vous bénisse !

*Diego de Lima*

# Matdeelungen

## *KonschTour zu Veianen op Päischten,*
*vum 7. – 9. Juni 2025*

Bei dësem 2-Deeg Multi-Art Event maache lokal Kënschtler hir Atelieren op. Eidel Lokaler a private Raim gi fir 2 Deeg Konschtgalerië.

## *Härläichepressessioun*
*Sonndes, den 22. Juni 2025 zu Veianen*

No der Sonndesmass den 22. Juni 2025 ass an der Trinitarierkierch déi traditionell Härläichepressessioun zu Veianen.

Jiddereen ass häerzlech invitéiert fir matzegoen.

Mir soen de „Fraen a Mammen Yolande", Veianen villmools Merci fir déi wonnerschéin Altär- a Blummenteppecher, déi si all Joers fir dës Pressessioun kreéieren.

## *Posaunenconcert vun AD LIBITUM „L'univers des sacqueboutes"*
*Sonndes, den 29. Juni 2025 zu Veianen an der Trinitarierkierch*

Sonndeg de 29. Juni 2025 ëm 16:00 Auer fënnt an der Trinitarierkierch zu Veianen e Posaunen-Concert mam Ensemble AD LIBITUM statt.

Entrée ass fräi.

## *Familljemass als Ofschloss vum Katecheesjoer*
*Sonndes, de 6. Juli 2025 zu Housen*

Als Ofschloss vum Katecheesejoer 2024/25 ass Sonndeg de 6. Juli 2025 um 10:30 Auer eng Familljemass zu Housen an der Kierch.

## *Concert zu Bëttel op der Gare*
*Mëttwoch, den 9. Juli 2025*

Mëttwoch, den 9. Juli 2025 um 19:30 Auer spillt d'Baastenduerfer Musik mam Jugendorchester e Concert zu Bettel op der Gare.



## *Insciptioun fir d'Katecheesjoer 2025/26*

Ab dem 15. Juni 2025 ass et méiglech är Kanner fir d'nächst Joer Katechees unzemellen. Wenn dir d'Formulaire net an der Schoul ausgedeelt kritt, kennt dir är Kanner och am Parbüro ënnert cate.parc-our@cathol.lu umellen. D'Formulaire ass ab dem 15. Juni 2025 op eiser Internetsäit https://web.cathol.lu/1/paroisses/par-parc-our-saint-nicolas/catechese-en-paroisse/katechees-par-parc-our-saint-nicolas online.

## *Primiz vum Diego de Lima*
### *zu Veianen an zu Housen*

Den Diego de Lima, deen als Diakon säi Stage bei äis an der Par gemaach huet an zu Furen am Paschtoueschhaus wunnt, ass den 17. Mee 2025, um Héichfest vun eiser Tréischterin, vum Kardinol Jean-Claude Hollerich zum **Priister** geweit ginn. Mir gratuléieren him ganz häerzlech dozou a wënschen him all Guddes fir e seegensräicht Wierken an eiser Par an an eiser Äerzdiözes.

Eise Neipriister feiert och **2 Primizmassen** bei äis an der Par. Déi éischt ass e **Samsdeg, den 14. Juni** 2025 um 18.00 Auer an der Trinitarierkierch zu Veianen a gëtt gesongen vun de Chorales réunies. Duerno ass eng **Receptioun am Foyer vun der Larei**, déi d'Par zesummen mat der Gemeng organiséiert, an zu der Dir all ganz häerzlech invitéiert sidd. Mir soen der Gemeng Veianen Merci fir den Eierewäin.

Deen Dag drop, e **Sonndeg, de 15. Juni 2025 feiert hien um 10.30 Auer och seng éischt offiziell Mass zu Housen**. Duerno ass och en **Eierewäin an der Aller Schoul**, deen d'Gemeng zesumme mat der Kierchefabrik organiséiert. Mir soen och dofir Merci.

*Fir d'Receptioun zu Veianen an den Eierewäin zu Housen kënnen ze plangen, biede mir Iech, Iech bis den 11. Juni 2025 am Parbüro zu Veianen per Mail oder per Telefon unzemellen.*





Fotoen: Betty B.

Déi Leit, déi dem Neipriister Diego de Lima bei dëser Geleeënheet wëllen e Cadeau maachen, kënnen en Don op säi Kont bei der BGLL maachen,

**IBAN LU18 0030 5797 8146 0000**
**mat der Mentioun « Don Primiz »**

Een häerzleche Merci all deenen, déi hien ënnerstëtzen.

## *Messes de Prémices de Diego de Lima*
*à Vianden et à Hosingen*

Le diacre Diego de Lima, qui a fait son stage dans notre paroisse et habite au presbytère de Fouhren, a été ordonné prêtre le 17 mai 2025, Solennité de la Consolatrice des Affligés, en la cathédrale Notre Dame de Luxembourg par le cardinal Jean-Claude Hollerich.

Nous lui exprimons nos sincères félicitations et nos meilleurs vœux pour un ministère fructueux dans notre paroisse et dans notre archidiocèse.

Notre nouveau prêtre célébrera aussi 2 premières messes dans notre paroisse.

La première aura lieu le **samedi 14 juin 2025 à 18h00 en l’église des Trinitaires à Vianden** et elle sera chantée par les chorales réunies. Après la messe, la paroisse et la commune offriront ensemble une **réception au foyer de la Larei** à laquelle vous êtes cordialement invités pour partager un moment convivial. Nous remercions la commune pour le vin d’honneur.

La deuxième aura lieu le **dimanche 15 juin 2025 à 10h30 en l’église Saint-Nicolas à Hosingen**, suivi d’un **vin d’honneur dans l’ancienne école**, offert par la commune de Parc Hosingen et la Fabrique d’église que nous remercions aussi.

*Pour pouvoir planifier la réception au foyer de la Larei à Vianden et dans l’ancienne école de Hosingen, nous vous prions vivement de vous inscrire par mail ou par téléphone au secrétariat paroissial à Vianden.*

Les gens qui veulent faire un cadeau au nouveau prêtre à cette occasion peuvent faire un virement sur son compte bancaire auprès de la BGLL,

**IBAN LU18 0030 5797 8146 0000**
**avec la mention « Don première messe »**

Merci pour votre soutien.

## Kontakt: parc-our@cathol.lu

**Jeannot Gillen** – *Dechen a Moderator*
***Dechenshaus – Presbytère***
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu

**Carlos Romário Arnold** – *Paschtouer*
18, Kräizgaass – L-9807 Hosingen
92 13 45 / 621 83 54 69
carlos-romario.arnold@cathol.lu

**Jürgen Kusch** – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu

**Diego De LIma** – *Diakon*
661 26 20 62
diego.delima@cathol.lu

Homepage:
***https://cathol.lu/parc-our***

***Parbüro Veianen –***
***Bureau paroissial à Vianden***
**Mandy Hofmann** – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu

| | |
|---|---|
| *Dënsdes / mardi :* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| *Mëttwoch / mercredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *16.00 / 18.00 Auer* |
| *Freides / vendredi:* | *09.00 / 12.00 Auer* |
| | *14.00 / 16.00 Auer* |

# Gottesdéngschtuerdnung

## Päischten – Pentecôte – C

*1. Lies.: Apg 2, 1-11; 2.Lies.: Röm 8, 22-27; Ev.: Joh 14, 15-16.23b-26*

***« Ech froen de Papp, an hien gëtt iech en anere Bäistand,***
***fir datt deen an all Eiwegkeet bei iech ass. »*** *(Joh 14,16)*

Dem Jesus seng Missioun bei senge Jünger op der Welt ass mat sengen Abschiedsrieden, mat sengem Doud um Kräiz, mat senger Operstéiung an Himmelfahrt zu Enn. Den Hellege Geescht, deen säi Papp äis a sengem Numm schéckt, iwwerhëllt an der Zäit vun der Kierch op eng gewëss Manéier seng Roll. Hien hëlleft äis, dat ze verdéiwen, besser ze verstoen an ze aktualisieren, wat de Jesus gemaach, gesot a geléiert huet an et net ze vergiessen. Hien hëlleft äis, de Jesus virun gär ze hunn a no sengem Wuert ze liewen. Esou bleiwe mir mam Jesus a mat sengem Papp an eisem Häerz verbonnen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 07.06.2025** | | |
| Baastenduerf | 18:00 | **Familljemass**,<br>Mass fir Emile Schmit a Hélène Marano-Schmit |
| **Sonndeg, 08.06.2025** | | **Mammendag** |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass fir d'Famill Nosbusch-Lentz-Leweck,<br>Mass fir Tilli a Nic. Groeff-Trausch |
| Houschent | 09:15 | Mass als 6. Wochemass fir Anita Keiser-Arendt,<br>Mass als Joermass fir Valérie Wagener-Schuller |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass fir d'Verstuerwen<br>vun der Famill Jacobsen-Becker |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht**<br>*(Sall ënnert der Sodalitéitskapell zu Veianen)* |
| **Méindeg, 09.06.2025** | | **Maria,** *Mutter der Kirche* |
| Eesbech | 10:00 | Mass |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 10.06.2025** | | |
| Holztem | 10:45 | Mass |

| | | |
|---|---|---|
| Iechternach | | **Sprangprëssessioun** |
| **Mëttwoch, 11.06.2025** | | **Heiliger Barnabas, Apostel** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Léon Petry |
| **Donneschdeg, 12.06.2025** | | **Jesus Christus,** *Ewiger Hoherpriester* |
| Laaschent | 19:00 | Mass fir d'Famill Weiler-Schroeder |
| **Freideg, 13.06.2025** | | **Heiliger Antonius von Padua,** *Ordenspriester, Kirchenlehrer (+ 1231)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz (Kapell) |

## Dräifaltegkeetssonndeg – La Sainte Trinité – C

***Kiermes zu Housen, Konstem, Walsdrëf a Veianen***

*1. Lies:. Spr 8, 22-3:; 2.Lies. Röm 5, 1-5:; Ev.: Joh 16, 12-15*

***« Wann de Geescht vun der Wourecht bis komm ass,***
***da féiert deen iech an déi ganz Wourecht an. »*** *(Joh 16,13)*

Den Hellege Geescht ass de Geescht vun der Wourecht. Hien ass ganz eens mat Gott, dem Papp, a mat sengem Jong Jesus. Hien kennt si duerch an duerch a wees alles iwwer si an hire Wëllen. Dofir kann hien äis dat matdeelen an eis Verbindung mat deenen dräi gëttleche Persoune lieweg halen. Hien weess och alles, wat geschitt a kënnt a firwat et geschitt. Esou kann hien äis am Herrgott senger Léift Gedold, Ausdauer an Hoffnung an alle Néit a Schwieregkeete schenken. Hien hëlleft äis och, nom Herrgott sengem Bild a Beispill eens mateneen ze sinn an enger echter Gemeinschaft a Solidaritéit an him esou Eier ze maachen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 14.06.2025** | | |
| Konstem | 18:00 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung* |
| Veianen-TK | 18:00 | **Kiermesmass** an **Primizmass**, celebréiert vum Diego de Lima, Mass als fir Katharina, Aubin, Anna, Friedrich a Klara Heintzen |
| **Sonndeg, 15.06.2025** | | |
| Walsdrëf | 09:00 | **Kirmesmass**, Mass als 5. Joermass fir Louis Pletgen an als 2. Joermass fir Josette Pletgen-Winandy |

| | | |
|---|---|---|
| Mierschent | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | **Kiermesmass** als 3. Joermass fir Jemp Heiles an als **Primizmass**, celebréiert vum Diego de Lima, *uschléissend Griewerseenung* |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| **Méindeg 16.06.2025** | | |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass |
| **Dënsdeg, 17.06.2025** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass<br>fir Georges a Cathérine Clees-Schumacher |
| **Mëttwoch, 18.06.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass fir de Kardinol,<br>de Weibëschof an de Generalvikar |
| **Donneschdeg, 19.06.2025** | | **Erläichendag**<br>**Heiliger Roumald,**<br>*Abt, Ordensgründer (+ 1027)* |
| Eesbech | 18:30 | Mass mat Prëssessioun op Fronleichnam<br>*RDV ass an der Kierch zu Ënnereesbech* |
| **Freideg, 20.06.2025** | | |
| Tandel | 18:45 | *Départ vum Cortège*<br>*(Sportshall/Schoulcampus Am Brill)* |
| | 19:00 | **Te Deum** vun der Gemeng Tandel |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Héichfest vum Läif a vum Blutt vu Christus – C

***Erläichendag - Fête Dieu***

*1. Lies.: Sach 12, 10-11; 13, 1 ; 2.Lies. Gal 3, 26-29:; Ev.: Lk 9, 116-17*

***« Gitt dir hinnen z'iessen ! »*** *(Lk 9,13)*

De Jesus wëllt, datt mir him dat Wéinegt, wat mir hunn, zur Verfügung stellen, fir datt hien et seenen an domat wierke kann. Hien bezitt seng zwielef Apostelen a säin Handelen mat an. Si sollen d'Brout an d'Fësch un déi hongreg

Mënschen ausdeelen. Mam Seege vum Herrgott kënne mir den Honger vun eise Matmënschen stëllen, net nëmmen den Honger no Brout, mee och no Léift, Unerkennung, Heelung, Wourecht a Sënn an Halt am Liewen. Loosse mir him Merci soen fir dës schéin Aufgab. Loosse mir him Merci soen, datt hien d'Brout vun eiser Aarbecht a säi Liewensbrout verwandelt an äis esou d'Kraaft gëtt fir eis Missioun, zesummen lieweg Gemeinschaften ëm hien opzebauen.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 21.06.2025** | | **Heiliger Aloisius Gonzaga,**<br>*Ordensmann (+ 1591)* |
| Housen | 10:30 | **Daf** vum Heloisa Lima Pinto |
| Wuelessen | 18:00 | Virowendmass<br>als 3. Joermass fir Antoine Coremans |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass<br>fir d'Famill Leonardy-Miller-Kellen |
| Veianen-TK | 19:00 | Missa em Português |
| **Sonndeg, 22.06.2025** | | |
| Houschent | 09:15 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass als 1. Joermass fir Norbert Schumacher |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:00 | Houmass uschléissend Härläichepréssessioun |
| Veianen-TK | 12:00 | **Daf** vum Martim Ramos-Pereira |
| Stolzebuerg | 18:45 | *Départ vum Cortège bei d'Kierch* |
| | 19:00 | **Te Deum** vun der Gemeng Pëtschent |
| Housen | 20:45 | *Départ vum Cortège bei d'Kierch (Nei Gemeng)* |
| | 21:00 | **Te Deum** vun der Gemeng Parc Housen |

## *Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:*

25. Juni 2025/ parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Por-Bréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

| ***Parbréif*** | ***Period*** | ***Redaktiounsschluss*** |
|---|---|---|
| 05/2025 | 12.07.2025 – 14.09.2025 | 25.06.2025 |
| 06/2025 | 13.09.2025 – 26.10.2025 | 27.08.2025 |
| 07/2025 | 25.10.2025 – 30.11.2025 | 08.10.2025 |
| 08/2025 | 29.11.2025 – 18.01.2026 | 14.11.2025 |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindeg, 23.06.2025** | | **Nationalfeierdag** |
| Veianen | 11:00 | *Départ vum Cortège bei der Gemeng* |
| Veianen | 11:15 | **Féierlechen Te Deum**<br>fir d'Stad Veianen an der Trinitarierkierch |
| | 11:45 | *Cortège bis op d'Plaz „Vic. Abens"* |
| **Dënsdeg, 24.06.2025** | | **Geburt des Heiligen Johannes des Täufers** |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| **Mëttwoch, 25.06.2025** | | |
| Housen | 10:00 | Mass |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir Abbé Jos Sauber |
| **Donneschdeg, 26.06.2025** | | **Heilige Josefmaria Escriva de Balaguer,**<br>*Priester (+ 1975)* |
| | | *Keng Mass* |
| **Freideg, 27.06.2025** | | **Heiligstes Herz Jesu** |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## Héichfest vun den Apostelen Péitrus a Paulus

***Kiermes zu Branebuerg***

*Kollekte: « Für die Kirchen in Osteuropa »*

*1. Lies. Apg 12, 1-11:; 2.Lies.:; Ev.: 2 Tim 4, 6-8.17-18 ; Ev.: Mt 16, 13-19*

***« An dir, fir wien haalt dir mech ? »*** *(Mt 16,15)*

Dës Fro huet de Jesus net nëmmen deemools senge Jünger gestallt, mee hien stellt se haut u jiddereen vun äis. Et kënnt drop un, eng perséinlech an éierlech Äntwert ze ginn, hannert der mir stinn, an déi äis engagéiert. De Péitrus huet aus senger Erfahrung mam Jesus an aus sengem Glawen eraus déi richteg Äntwert fonnt. De Papp am Himmel huet him säi Jong geoffenbart. Dëse Glawen an dëst Bekënntnës ass de Fiels, op den de Jesus seng Kierch opbaut. Wa mir an dësem Glawe liewen, da gëtt dat Béist net iwwert äis Meeschter an da kënne mir am Numm vum Jesus handelen a säi Wierk viru féieren, dat hien äis uvertraut. Loosse mir him Merci soen fir déi grouss Gnod, déi de Jesus dem Péitrus, senge Nofolger an äis all geschenkt huet. Loosse mir haut och besonnech fir eise neie Poopst Leo a fir all Bëschofen an hir Matarbechter bieden.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 28.06.2025** | | **Unbeflecktes Herz Mariæ** |
| Housen | 11:00 | **Daf** vum Mike Schmartz-Koch |
| **Sonndeg, 29.06.2025** | | **Heiliger Petrus und Heiliger Paulus,** *Apostel* |
| Furen | 09:00 | Mass fir Antoine Kayser a Anna Heintz,<br>Pierre Kayser a Anna Mailliet an François Heintz a Eugénie Eiffes,<br>Mass fir Jean-Pierre Theis,<br>Mass fir d'Famill Muller-Haag |
| Mierschent | 09:00 | Mass als Joermass fir Marie Klemmer-Meier,<br>Mass fir Fred Urhausen<br>a fir d'Famill Urhausen- Molitor-Heischbourg |
| Branebuerg | 10:30 | **Kiermesmass** *mat Griewerseenung,*<br>Mass als 6. Wochemass<br>fir Alice Jourdain-Lanners,<br>Mass als 6. Wochemass<br>fir Marie Catherine Erpelding-Fohl,<br>Mass fir Catherine a Jean Weber-Steffen<br>a fir Pierre Steffen,<br>Mass fir d'Familljen Zenner-Bieren<br>a Wahl-Zenner,<br>Mass als Stg. fir Hubert Fonck |
| Housen | 10:30 | Mass fir Michel Heckemanns an fir d'Familljen Heckemanns-Clees a Serres-Schmitz |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| **Méindeg, 30.06.2025** | | **Heiliger Otto ,** *Bischof von Bamberg, erster Märtyrer der Stadt Rom, Glaubensbote (+ 1139)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 01.07.2025** | | |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch, 02.07.2025** | | **Mariä Heimsuchung** |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Veianen-TK | 14:30 | Rousekranz a Mass<br>fir déi kriibskrank Mënschen an hir Familljen |
| **Donneschdeg, 03.07.2025** | | **Heiliger Thomas,** *Apostel* |
| Longsdref | 19:00 | Mass |
| **Freideg, 04.07.2025** | | **Heiliger Ulrich,** *Bischof von Augsburg (+ 973);*<br>**Heilige Elisabeth,**<br>*Königin von Portugal (+ 1336)* |
| Housen | 19:00 | Rousekranz *(Kapell)* |

## 14. Sonndeg am Joreskrees – C

*1. Lies.: Jes 66, 10-14c; 2.Lies. Gal 6, 14-18:; Ev.: Lk 10, 1-12.17-20*

Den Här huet 72 aner Jünger bestëmmt an si zu zwéin an zwéin an all Stad an all Uertschaft virgeschéckt, an déi hien selwer goe wollt.

De Jesus schéckt seng Jünger zu zwéin an zwéin op de Wee, net eleng als Eenzelgänger, dat vläicht méi praktesch wier a méi séier giff goen. Firwat ? Well et him em d'Zeechnes vun hirem Liewe geet. Si sollen duerch hir Haltung an hirt Verhalen d'Evangelium verkënnegen. Si sollen zesummenhalen, sech géigesäiteg respektéieren, net een deen anere wëllen iwwertreffen, mee gemeinsam op deen eenzege Meeschter hiweisen. Duerch d'Bereetschaft zur Geschwësterlechkeet breet d'Evangelium sech aus. Et geet net ëm perséinlechen Aktivismus, mee ëm d'Bezeien vun der bridderlecher Léift, och an de Schwieregkeeten, déi d'Zesummeliewe mat sech bréngt. Loosse mir duerch een einfachen, bescheidenen a geschwësterleche Liewensstil d'Evangelium bei d'Mënsche bréngen an hinnen de Fridde vum Herrgott schenken. Loosse mir och dofir bieden, datt den Herrgott ëmmer nees Aarbechter zesummen a seng Rekolt schéckt.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg, 05.07.2025** | | **Heiliger Antonius Zaccaría,**<br>*Priester, Ordensgründer (+ 1539)* |
| Housen | 10:30 | **Daf** vum Melina a Matteo Madeira Migoes |
| Baastenduerf | 19:00 | Virowendmass |
| **Sonndeg, 06.07.2025** | | |
| Stolzebuerg | 09:00 | Mass zu Éieren vun der Muttergottes |

| | | |
|---|---|---|
| Houschent | 09:15 | Mass als 1. Joermass fir Josy Schroeder,<br>Mass als 2. Joermass fir Thérèse Schroeder an<br>Mass fir Nikela Schroeder-Dimmer,<br>Mass als Joermass<br>fir Marcel an Anna Wagener-Richartz,<br>Mass fir Ady an Josette Odem-Konen,<br>Mass fir Clemi a Marie Kaes-Jans |
| Housen | 10:30 | **Familljemass** als Ofschloss vum Katecheesjoer |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass |
| Mierschent | 12:00 | **Daf** vum Théo Miccuci |
| **Méindeg, 07.07.2025** | | **Heiliger Willibald,**<br>*Bischof von Eichstätt (+ 787)* |
| Veianen-SA | 10:15 | Mass |
| **Dënsdeg, 08.07.2025** | | **Heiliger Kilian,** *Bischof von Würzburg*<br>*und Gefährten, Märtyrer (+ 689)* |
| Veianen-SB | 10:45 | Mass |
| Holztem | 10:45 | Mass *(Foyer)* |
| **Mëttwoch, 09.07.2025** | | **Heiliger Agustinus Zhao Rong,**<br>*Priester, und Gefährten, Märtyrer (+ 1815)* |
| Housen | 10:00 | Mass *(Kapell)* |
| Bëttel | 19:00 | Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Petry-Sauber,<br>Mass als Stg. fir d'Famill Winter-Kuffer |
| **Donneschdeg, 10.07.2025** | | **Heiliger Knud,**<br>*König von Dänemark, Märtyrer (+ 1086)*<br>**Heiliger Erich,**<br>*König von Schweden, Märtyrer (+ 1160)*<br>**Heiliger Olaf,** *König von Norwegen (+ 1030)* |
| Laaschent | 19:00 | Mass |

*Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu*

**Freideg, 11.07.2025** — **Heiliger Benedikt von Nursia,**
*Vater des abendländischen Mönchstums,*
*Schutzpatron Europas (+ 547)*

Housen 19:00 Rousekranz *(Kapell)*

## 15. Sonndeg am Joreskrees – C

*1. Lies.: Dtn 30, 9c-14; 2.Lies.: Kol 1, 15-20; Ev.: Lk 10, 25-37*

***Wéi de Samariter de Mann gesinn huet, (deen de Räiber an d'Gräpp gefall war), huet et him am Häerz wéigedoen.*** *(Lk 10,33)*

De Samariter léisst sech op sengem Wee am Häerz beréieren vun deem Mann, deen hallef dout do läit. Hien huet Matleed mat him an hëlleft him. Dat ass och d'Haltung vum Herrgott äis vis-à-vis, wann hien bei äis e Problem, eng Sënd, e Misär gesäit : hien huet Matleed mat äis. Him kënne mir äis uvertrauen. Hien geet net laanscht. Hien soll och äis hëllefen, net un der Nout vun eise Matmënschen laanscht ze goen an ewechzekucken. Hien soll äis hëllefen, äis Gläichgültegkeet an eisen Egoïsmus ze iwwerwannen an äis op de Wee bei déi aner, déi um Rand sinn, ze maachen, fir hinnen bäizestoen, fir si ze suergen. Loosse mir den Herrgott bieden : Hëllef äis d'Nout vun eise Matmënschen op eisem Wee ze gesinn a mat hinnen Matleed ze hunn, wéi s'du äis an eis Nout gesäis a Matleed mat äis hues.

**Samschdeg, 12.07.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Housen | 11:00 | **Daf** vum Diego Felipe Da Cruz Ferreira |
| Wulessen | 18:00 | Virowendmass |
| Branebuerg | 19:00 | Virowendmass,<br>Mass als Stg. fir Jean Fonck a Anna Lentz,<br>Mass als Stg. fir Hubert Fonck |

**Sonndeg, 13.07.2025**

| | | |
|---|---|---|
| Furen | 09:00 | Mass fir Jean-Pierre Theis,<br>Mass fir d'Famill Schank-Genson |
| Mierschent | 09:00 | Mass |
| Housen | 10:30 | Mass |
| *zur selwechter Zäit:* | | **Kannerwuertgottesdéngscht** |
| Veianen-TK | 10:30 | Houmass,<br>Mass fir d'Verstuerwe<br>vun der Famill Jacobsen-Becker |

## *Massbestellungen*

1. D’Massintentiounen mussen **fir d’éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schrëftlech (per Mail un d’Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefélltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d’Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d‘**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

## *Konten fir d’Iwwerweisungen vun de Massintentiounen*

D’Suen fir d’Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d’église communale de **Vianden**:
**CGP n°6/Fe n°14: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000**

Fabrique d’église communale de **Parc Hosingen**:
**CGP n°6/Fe n°12: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000**
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d’église communale de **Pütscheid**:
**CGP n°6/Fe n°13: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000**
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d’église communale de **Tandel**:
**CGP n°6/Fe n°15: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432**
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d’Begriefnisser an d’Hochzäiten kritt Dir eng demande d’offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d’Parkatechees:

**BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000**

## Dimanche de Pentecôte
## Pfingstsonntag, 08 juin/Juni 2025

**GILSDORF  Église / Kirche:**

| | |
|---|---|
| 10:00 | Sonntagsmesse / Messe du Dimanche<br>Predigt / Homélie: **Abbé Albert Franck**  deutsch / français |

**HOSINGEN Hall des Sports:**

| | |
|---|---|
| 12:00 - 13:30 | Repas de midi / Mittagessen |
| 13:30 – 14:00 | Louange / Lobpreis |
| 14:00 - 15:00 | Enseignement / Vortrag: **Pfr. Martin Straßer** (D)<br>deutsch / français |
| 16:00 – 18:00 | Salut des malades / Krankenandacht<br>**Abbé Albert Franck**  deutsch / français |
| 18:00 - 19:30 | Repas du soir / Abendessen |
| 19:30 - 21:30 | Eucharistie (Hall des Sports)<br>Homélie / Predigt: **Pfr. Martin Straßer** (D) deutsch / français |

**Adresse:** **Centre scolaire et sportif „Parc Housen"**
**4b, Parc  L-9836 Hosingen**

**RENSEIGNEMENT + SECRÉTARIAT / INFORMATION + SEKRETARIAT:**

tél: +352 80 32 78  ou / oder  tél: +352 80 49 67
email: aubergededieu@cathol.lu

**POSSIBILITÉS DE LOGEMENT: / UNTERKUNFTSMÖGLICHKEITEN:**

**www.aubergededieu.lu**

**Invitation cordiale pour la préparation à la Pentecôte:**
**Herzliche Einladung zur Vorbereitung auf Pfingsten:**

Samedi / Samstag, 31 mai/Mai 2025, **Clervaux**:
**Portement de croix / Kreuztragen**
(informations supplémentaires / weitere Informationen: www.aubergededieu.lu)

Lundi / Montag, 02 juin/Juni 2025, 09:30, **Habscheid** (D - Eifel):
**Eucharistie / Eucharistiefeier**

Mardi / Dienstag, 03 juin/Juni 2025, 10:00, **Banneux** (B):
**Prière à la Chapelle des Apparitions et Eucharistie / Gebet bei der Erscheinungskapelle und Eucharistie**

Jeudi / Donnerstag, 05. juin/Juni 2025, 18:25, **Gilsdorf**:
**Chapelet - Eucharistie - Prière / Rosenkranz - Eucharistiefeier - Gebet**

# Invitation à la FÊTE DE LA JOIE

# Einladung zum FEST DER FREUDE




***Un nouvel espoir pour tous!***

***Eine neue Hoffnung für alle!***

**Abbé Martin Straßer (D)**
**Abbé Albert Franck (L)**

**08 juin/Juni 2025**

**HOSINGEN(L)**
**„Parc Housen"**

**Renouveau Charismatique Catholique Luxembourg**
**Katholische Charismatische Erneuerung Luxemburg**

www.aubergededieu.lu

AD LIBITUM



# L'univers des sacqueboutes

**Marleen Leiche, Cornet à bouquin**
**Joren Elsen, Rhys Oldham, Yung-Hsu Shih, Sacqueboute**
**Thierry Ferré, Orgue**

**Dimanche, 29 juin à 16h00 Eglise des Trinitaires, Vianden**

**Concert offert par la commune de Vianden - Entrée libre**

**Organisation: FESTIVAL ALTER MUSIK VIANDEN**